LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Luxembourg, le 12 mars 2020

**Monsieur Marc Hansen**
**Ministre aux Relations avec**
**le Parlement**

**Service Central de Législation**
**Luxembourg**

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
12 MARS 2020

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse commune aux questions parlementaires N°1720 du 15 janvier 2020 de l'honorable député Monsieur Marc Goergen et N°1837 du 6 février 2020 de l'honorable député Monsieur Jeff Engelen, avec la prière de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

**François Bausch**
**Ministre de la Mobilité**
**et des Travaux publics**

Adresse postale: L-2940 Luxembourg
Bureaux: 4, Place de l'Europe
Luxembourg/Kirchberg
Téléphone: 247-83301
Téléfax: 247-93308

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, François Bausch, vum Minister fir Energie, Claude Turmes, a vum Finanzminister, Pierre Gramegna, op d'parlamentaresch Ufro n°1720 vum 15. Januar 2020 vum Här Deputéierte Marc Goergen an op d'parlamentaresch Ufro n°1837 vum 6. Februar 2020 vum Här Deputéierte Jeff Engelen iwwert d'Applizéiere vum WLTP fir d'Berechne vun der Autossteier**

Fir d'Ëmstellung vun der Berechnung vun der Autossteier op de WLTP ("Worldwide harmonized Light vehicles Test Procedure") zielt den Datum vun der éischter Immatrikulatioun (date de la première mise en circulation). Konform zu dem europäesche Reglement 2017/1151 vum éischte Juni 2017, mat deem de WLTP-Testzyklus fir d'Homologatioun fir Gefierer agefouert gouf, muss all Land déi nei Bestëmmungen, wat Umelle vun Autoen ubelaangt, bis spéitstens den 31. Dezember 2020 ëmsetzen. De geplangte Stéchdatum zu Lëtzebuerg ass den éischten Dag vum Mount, nodeems d'Gesetz (Gesetzesprojet N°7506) iwwert d'Applizéiere vun de WLTP Wäerter am "Journal Officiel du Grand-Duché de Luxembourg" publizéiert gouf.

Et ass wichteg ze ënnerstäichen datt fir all Auto, dee virum Stéchdatum fir d'éischte Kéier immatrikuléiert gouf (och am Ausland), d'Autossteier déi selwecht bleift. Bei dëse Gefierer gëtt d'Autossteier weiderhi mat den NEDC-Wäerter ("New European Driving Cycle") berechent och wann d'Gefier weider als Occassiounsauto verkaf gëtt oder fir ee Moment net méi ugemellt war. Deemno gëtt et keng Retroaktivitéit bei Autoen déi scho virun dem genannten Datum ugemellt waren.

Wann een Auto nom Akraafttriede vum Gesetz fir d'éischte Kéier ugemellt gëtt, esou gëtt d'Autossteier mam kombinéierte Wäert vun de $CO_2$ Emissiounen nom WLTP-Testzyklus berechent. An der Moyenne leien dës Wäerter ongeféier 20% méi héich wéi déi entspriechend Wäerter vum NEDC, mee et ginn awer och Modeller wou de WLTP-Wäert méi niddereg oder d'selwecht héich ass. Deemno gëtt et keng generell Formel woumat d'Variatioun tëschent den zwee Ofgaswäerter fir all Auto kéint bestëmmt ginn. Et hänkt ëmmer vun Auto zu Auto of wéi héich den Ënnerscheed tëschent dem NEDC- an dem WLTP-Wäert ass. Aus dësem Grond soll d'Berechnungsformel vun der Autossteier onverännert bleiwen a just den Ofgaswäert op den neie Préifzyklus adaptéiert ginn.

Esou bleift zum Beispill d'Autossteier bei engem Diesel mat 120 g $CO_2$/km nom NEDC onverännert géintiwwer engem Diesel mat 120 g $CO_2$/km nom WLTP. Hei sief awer drop higewisen, dass tatsächlech de selwechten Auto ka verschidde CO2-Wäerter a Funktioun vum Ofgastest hunn, wouduerch d'Autossteier bedéngt duerch den ënnerschiddlechen Ofgaswäert, fir een Auto deen no dem Stéchdatum fir déi éischte Kéier ugemellt ginn ass, anescht ass, wéi fir een Auto dee virum Stéchdatum vir déi éischte Kéier ugemellt gouf.

Aus dësem Grond huet de Ministère fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten och eng Informatiounscampagne (www.wltp.lu) gestart fir d'Leit doriwwer ze informéieren. Esou sollen d'Leit mat deenen Informatiounen hiren Auto kafe kënnen. Aus dësem Grond ginn déi zwee Wäerter och transparent bei de Concessionnairen affichéiert, esou dass all Persoun, déi een Auto wëll kafen, sech am Detail informéiere kann.

Dëst bréngt mat sech, datt de Konsument beim Kaf vu sengem Auto méi realistesch Verbrauchswäerter ugewise kritt wouduerch hien, wann hie sech un den neie WLTP-Verbrauchswäerter orientéiert, bei enger duerchschnëttlecher Fuerleeschtung vun 13.000 km am Joer, bei engem Diesel bis zu 300€ a bei engem Bensinner bis zu 330€ ka spuere wat d'Tanken ubelaangt, dëst well den theoreteschen an de reelle Verbrauch besser korreléieren.